Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Saint Sébastien
Ettelbréck

Abrëll 2020


# Discord-Server fir AvEx

## Wat ass Discord?

Discord ass eng Applikatioun (disponibel fir Mac, Windows, iOS, Android a Linux) mat där een am Grupp chatten, videochatten an téléphonéiere kann.
Et eegent sëch gutt Informatiounen ze kommunizéieren, mee awer och Versammlungen en ligne ofzehalen.

Als Grupp kann een een eegenen Server erstellen, op deem een multiple Chatkanäl an Schwätzkanäl kann hun. Dës Kanäl kann een an Kategorien ënnerdeelen.

Den Discord-Server vun den Ettelbrécker AvEx gesait fir d'AvEx esou aus :




# Online-Versammlung (Virtuell Kriminell)

„Virtuell Kriminell“ ass eng Zort Detektivspill, dat ee super op engem Discord-Server spillen kann.

Bei dësem Spill geet et fir d’AvEx drëms ee Kriminalfall (Mord) opzeklären. Dofir mussen d’AvEx, opgedeelt a Gruppen, déi verdächteg Persounen befroën. Heifir mussen se bei der jeweilëger Persoun (Chef) ee Spill / Rätsel maachen fir deem sain Alibi ze kréien.

Hei um Bild gesait ee lénks di verdächteg Personnagen an hire Reim. D’AvEx kënnen d’Personnagen dann an hir Reim besiche goën. All Grupp huet och een Teamchat, wou si ënnert sech schreiwen kënnen.



Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Saint Sébastien
Ettelbréck

# De Skript (Aleedung)

**Rollen vun de Chef :**

- Policeminister
- Butler James
- Bomi Charlotte
- Monnie George
- Papa Jang
- Mama Josephine
- Jong Jos
- Mädchen Freda

Am Ufank vun der Versammlung treffe sëch all d'AvEx am Policebüro (Sproochkanal) mam Policeminister. Dëse mëscht d'Aleedung:

Gudde Mëtteg AvEx,

Dëse Mëttwoch huet hei am Policebüro vun Hannerknuppescht um 10 Auer moies den Telefon gerabbelt.
Ewéi ech opgehuewen hun, war op der anerer Sait vun der Leitung eng panikéiert Fra.
Ech schätzen si op +- 50 Joër. D'Fra huet sech als Madame Josephine Nosbusch ausginn an soot, dass hire Papp an hirem Doheem, der Villa Nosbusch, gestuerwen ass. Si huet gemengt, dass hire Papp net un engem natierlechen Doud gestuerwen ass, mee dass him eppes geschitt wier!
Doropshin hun ech mech direkt op de Wee an d'Villa Nosbusch gemaach fir mer ee Bild vun der Situatioun ze verschaafen.

An der Villa liewe méi Generatioun vun der Famill Nosbuch.
Dat wieren da mol :
Bomi Charlotte an hire Mann de Bopi Michel (deen elo leider dout ass)
Dann hier Duechter Josephine mat hirem Mann dem Jang.
Hier Kanner Jos a Freda.
An de Monnie George, de Brudder vum Josephine.
Well et an der Villa vill ze mache gëtt, hunn se ee Butler do schaffen. De James aus London, hie war de beschten a sengem Joergang op der Butlerschoul.

Un der Laich konnt ech naicht direkt feststellen, ech hu si awer fir sëcherzegoën bei den Geriichtsmediziner gescheckt. Deen sollt mer och an puer Minutten uruffen, fir mer d'Ergebnisser vun den Ënnersichungen matzedeelen.

An der Tëschenzait wäert ech Iech a kleng Gruppen andeelen. Dir wäert getrennt un dësem Fall schaffen.

D'AvEx gin a Gruppen agedeelt. Dofir kréien se d'Zuel vun hierem Team hannert hiren Numm geschriwwen a si kréien eng ‚Roll' vun hierem Team op Discord zougewisen. Dës Roll déngt dozou, dass all Team een eegenen Chatraum huet, op dee just d'Team an d'Chefs (hun och eng eege Roll) kënnen zougraifen. Außerdeems kréien d'AvEx an hirem Teamchat d'Akte zum Fall (**Annexe 1**), déi de PoliceMinister ugeluecht huet.

Den Telefon schellt !

Policeminister : Moment sidd mol roueg ! (hien hieft den Telefon op)
Moien !
…
Uh ok da wësse mer lo wat Doudesursaach ass… Merci fir déi gutt a schnell Arabescht !
…
Leif Kommissäre grad um Telefon krut ech matgedeelt dass d'Opfer vergëft gouf… dëst krut ech vu kengem vun der Famill ugedéit oder gesot also ass lo mol prinzipiell jidderee vun der Famill an dem Butler verdächtegt. Lo ass et un iech de Mäerder ze fannen.

Dofir musst dir déi Verdächteg befroë goën. Et kann awer gutt sinn, dass si fir hieren Alibi eppes als Géigeleeschtung vun Iech hätten. Mee dat gesi der dann bei den Verdächtegen selwer.

Lo kënnen d'AvEx bei di verdächteg Leit an hiren Sproochkanal besiche goën.
Dës Chef hun ëmmer ee Spill + een Alibi.
Fir dass d'AvEx d'Alibi kréien, mussen sie d'Spill packen.

# D'Spiller an d'Alibis vun de Verdächtegen

## Butler James (Lobby):

**Alibi :**
*Ech fänken Mëttwochs ëmmer reicht um 14 Auer un mat schaffen. An den Moien war ech doheem an ebessen an den Park Joggen et muss een jo schliisslech fit bléiwen.*

**Spill : TABU**
*Den James dierf laut ButlerKodex verschidden Wierder net soen an ëmschreiwe se. Versich d'Wierder erauszefannen wat hien well soen.*


## Bomi Charlotte (Kichen):

**Alibi :**
*Ech hat den Mëttwoch Moien mam Michel um Späicher geraumt. Mier hunn al Këschten eidel gemaach. Komesch war dass hien no enger Stonn plëtzlech opgehale huet mat raumen an schnell mam George verschwonnen war. Mier haten grad een Dossier mat alen Dokumenter an Bréiwer fonnt.*

**Spill : WIMMELBILD**
*Ech hunn beim raumen um Späicher des Foto vun eisem legendären Familljensportsfest fonnt. Leider hunn ech mäin Bréll verluer. Hëllef mer meng Familljememberen ze fannen.*

Op engem WImmelbild hu mer d'Käpp vun de Chefs verstoppt. Dat Bild gouf dunn an den Chat vum Team gepost. D'AvEx missten du beschreiwen, wou d'Chefs wieren.

Hei drënner si beispillsweis 8 vun eis Chefs verstoppt.



## Monnie George (Gaart) :

**Alibi:**
*Ech war haut den Moien am Gaang Fernsee ze kucken wéi mäin Papp den Michel bei mech koum fir mat mer ze schwätzen. Ech war och den ganzen Moien doheem Mais vergëft hunn ech hien sécher net. Mier haten een gutt Verhältnis. Mir haten nach ni Streit.*


**Spill : GEHEIMSCHRËFT**
*Den Monnie George setzt bei enger Geheimschrëft an kënnt net virun. (hien ass zimmlech nervös an hektesch)*


Mir hun de Satz „Die besten Dinge im Leben sind nicht die, die man für Geld bekommt.“ mat enger Geheimschrëft verschlësselt. D’AvEx hun dat du missen entschlësselen. Si haten déi Geheimschrëft nach net viedru kannt, dunn hu mer hinnen déi an engems baibruecht.

## Papa Jang (Stuff):

**Alibi :**
Ech war den Mëttwoch Moien akafen, well d’Josephine mech geschéckt huet. Sinn géint 9:30 Auer direkt fortgefuer an sinn reicht um 13 Auer heem komm.

**Spill : GEOSPILL**
Den Papa Jang well seng fréier Kolleegen aus der Schoul besichen. Hien weess leider nëmmen den Numm vun den Dierfer mee weess net wou des leien. Hëllef him!






Den zoustännege Chef huet op awwapp.com eng Sait mat den AvEx gedeelt, an déi eidel Kaart dropgesat. Dunn hun d'AvEx probéiert déi eenzel Dierfer/Stiedt op der Kaart anzezeechnen. Dono gouf d'Korrekturkaart driwwergeluecht an iwwerpréift.

## Mama Josephine (Keller):

**Alibi :**
Ech wollt den Mëttwoch Moien botzen Mais hunn keen Wäschmëttel méi fonnt wat komesch war well leschte Kéier war d'Fläsch nach zimmlech voll, also hunn ech den Jang akafen geschéckt Dat war sou 9:10 Auer. Ech war den Ganzen Moien doheem.

**Spill : BRÉIF REPARÉIEREN**
Ee wichtege Bréif vun der Mamm ass ausversinn an der Wäsch gelandt an huet sech do a kleng Fetzen verwandelt. Sätz dei eenzel Wierder/Buchstawen zesummen fir d'Nooricht ze entzifferen!

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Saint Sébastien
Ettelbréck




# Jong Jos (Kummer):

**Alibi :**

Ech hunn den Moien mam Lego gespillt befier ech an d'Schoul gaange si (8 Auer) an hunn den Bopa iwwerhaapt net gesinn. Ech sin bëssen rosen gewiescht mat him well ech fir mäin Gebuertsdag (deen den Dënschden war) keng Playstation vun him krut.

**Spill : MEME ERSTELLEN**

Dem Jos ass fuechtbar langweileg, well hie schons all coole Meme kennt. Erstell du him een neien Meme (Scoutsrelated) fir hien bei Laun ze halen.

## Mädchen Freda (Buedzëmmer):

**Alibi :**
Ech hunn haut mam Bopa Michel Kaffi gedronk an sinn dunn an mäin Zëmmer gang fir mech prett fir D'Schoul ze maachen. Ech hat deen Dag Prüfung an sinn schon um 7 Auer aus dem Haus gaangen.

**Spill : LIDDER erkennen**
D'Freda mécht sech prett fier raus ze goen an übt beim Zänn botzen sangen, well ed geet an eng Karaokebar! Freda guergelt puer Lidder fier an Detektiven mussen des Lidder erkennen.

## Schluss + Opléisung

D'Spill huet bei eis knapps 1 Stonn an 45 Minutte gedauert. Dunn goufen d'Gruppen nees all an de Policebüro geruff. D'Gruppe goufe gebieden an hirem TeamChat hire Verdacht + Begrënnung ze schreiwen.

Dono gëtt de Fall opgeléist :

De Monni Georges huet de Bop ëmbruecht. Hien huet sech verroden, andeems en a sengem Alibi sot : „Mais vergëft hunn ech hien sécher net“. Nëmmen de Mäerder konnt Bescheed wëssen, dass d'Affer vergëft gouf. Di aner Familjememberen wusste vun deem Detail nach naicht.
Grond vun der Dot : De Bopa Michel huet dat mysteriéißt Dokument mat der Geheimschrëft um Spaicher fonnt an ass domat bei sai Jong, de Georges gaang, fir d'Dokument ze ëntschlësselen. De Georges huet geduecht, dass dat Dokument de Wee zu engem grousse Schatz wier. Dëse Schatz wollt hie fir sech alleng hun an net mam Michel deelen. Doropshin huet de Georges de Michel mam Wäschmëttel vergëft.

## Bilan vun den AvEx :

- „Ech hun et gutt fonnt, hun net geduecht, dass een d'Zait sou gutt ëmkréie kann.“

- „Heiansdo huet ee Chef d'Geschicht net richteg kann (D'Mamm huet den Numm vu sengem Mann net kannt)"
- „Ech hun et léiwer, wann d'AvEx alleguer zesumme spillen, an net just a klenge Gruppe sinn. Soss ass et nämlech heiansdo ze roueg, well kee schwätzt."
- „Ech fannen beides gutt, heiansdo a mei grousse grupp an heiansdo a mei klengem"
- „Et kann een déi 2 Formen Versammlung maachen, einfach ofwiesselen."

*Disclaimer : Déi Woch viedrun hate mer all mateneen Spiller ewéi skribbl.io zesumme gespillt, währenddeems mer all zesummen an engem Sproochkanal waren.*

Chefékipp AvEx Ettelbréck

Branche AvEx
Email : avex@saintsebastien.lgs.lu